PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 JUIL. 2019
878

Lëtzebuerg, den 08/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kooperatioun weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 6. Januar 1996 gouf de Statut vum *Agent de la coopération* geschaf. Dëse Statut kënnen Employéen aus Privatsecteur an och Staatsemployéen a Fonctionnaire kréien. Dës Persoune leeschten am Alldag e wichtege Bäitrag zur Kooperatiounspolitik um Terrain.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

- Opgedeelt no der Ënnerscheedung tëscht Privatsecteur, Employé de l'État a Fonctionnaire engersäits an opgedeelt no dem Déngschtalter anerersäits: Wéi vill Agents de la coopération sinn aktuell am Asaz?
- Wéi vill dovunner sinn u lëtzebuergesch Ambassaden attachéiert? Wéi vill schaffen zu Lëtzebuerg?
- Wéi vill Agente profitéiere vun enger *indemnité de séjour*? Wéi héich ass dës an der Moyenne? Ass dës un d'*indemnité de poste* vun den Diplomate gekoppelt? Wa jo, wéi eng Formel gëtt do appliz̈éiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

La Ministre de la Coopération
et de l'Action humanitaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
31 JUIL. 2019

Luxembourg, le 30 juillet 2019

**La Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**

**à**

**Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement**

*Objet :* *Réponse commune à la QP 878 du 8 juillet 2019*

*J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Madame la Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire à la question parlementaire n° 878 de Monsieur le Député Sven Clement pour transmission à la Chambre des Députés.*

*Paulette LENERT*

**Réponse de Mme la Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire Paulette Lenert à la question parlementaire n°878 de l'honorable député Sven Clement**

- Den Ament schaffen 13 Agents de la coopération als Employé privé beim Staat mat engem Kontrakt op 2 Joer, deen emol erneierbar ass. 6 goufen 2016 agestallt, 2 kruten 2017 hire Kontrakt, 4 schaffen zënter 2018 fir d'Kooperatioun an 1 ass 2019 agestallt ginn.

- 11 Agents de la coopération schaffen op Lëtzebuerger Ambassaden an a permanente Representatiounen bei der UNO oder der europäescher Unioun. 2 sinn der zu Lëtzebuerg.

- All d'Agents de la coopération, déi am Ausland wunnen, kréien eng Indemnité de logement. De Montant dovunner ass um Wunnengspräis vun deem Land gekoppelt, wou si op Missioun sinn.

  D'Indemnité de poste vun den Agents de la coopération ass 2014 duerch de Spuerpak ofgeschaaft ginn. Allerdéngs ass des Indemnitéit 2018 fir 3 Ambassaden erëm agefouert ginn, fir de schwieregen Liewenskonditiounen am Mali, am Burkina Faso an am Niger Rechnung ze droen. Aus deem Grond schafft d'Regierung den Ament drun fir des Indemnité de poste fir jiddwer Agent gëllen ze loossen, deen an engem Entwécklungsland schafft.